



N°6200  
Reçue le 17.05.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, 17.05.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/05/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg gëtt am Ausland als Vëlosnatioun ugesinn, wann ee sech den Historique vun den ville Coureuren ukuckt, déi eis d'Land op international bekannte Course representéiert hunn. Dëse Ruff spigelt sech awer net an der besteeënd Infrastruktur duer, déi een a ville Stied awer och am ländleche Raum vergeblich sicht.

Mat der waarmer Joreszäit heef sech d'Unzuel vun de Leit, déi op hire Vëlo zeréckgräifen. Op eng villfälteg Aart a Weis ass et méiglech, de Vëlo a säin Alldag mat anzubannen: fir akafen ze goen, fir moies op d'Aarbecht ze fueren oder fir Weekends en Tour fueren ze goen.

Leit déi mam Vëlo ënnerwee sinn, mussen sech natierlech och un d'Reegelen an de Code de la Route halen. Feelen allerdéngs déi néideg Infrastrukturen, geroden Auto- a Vëlosfuerer vermehrt op de Stroosse a Konfliktsituatiounen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte 6 Méint géint Autos-, Camions-, oder Motosfuerer gestallt, déi den 1,5m Ofstand beim Iwwerhuelen vu Vëlosfuerer net agehalen hunn?  
Bei wéi vill Euro lungen dës Protokoller duerchschnëttlech?
2. Wéi vill Protokoller goufen an de leschte 6 Méint géint Vëlosfuerer ausgestallt?  
Wéinst wéi enge Grënn goufen dës Protokoller ausgestallt? (opgeléicht no Unzuel vu Protokoller)  
Bei wéi vill Euro lungen dës Protokoller duerchschnëttlech?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

---



CLEMENT Sven

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6200 vum 16. Mee 2022 vum honorabelen Députéierten Sven Clement**

**Ad 1):**

D'Police ass duerch d'Gesetz verpflichtet, all Infraktiounen a Strofdoten déi se feststellt ze aktéieren. Dëst geschitt entweder duerch e Protokoll oder en Avertissement Taxé.

An de leschte 6 Méint huet d'Police allerdéngs kee Verstouss géint den Artikel 125.08 vum Code de la Route (Mindestofstand vun 1,5 Meter beim Iwwerhuele vu Vëlofuerer net agehalen) festgestallt.

**Ad 2)**

An de leschte 6 Méint huet d'Police insgesamt 47 gebührepflichteg Verwarnungen wéinst Verstéiss géint de Code de la Route duerch Vëlofuerer ausgestallt.

23 Mol goufe Vëlofuerer wéinst Net-Respektéiere vu roudde Luuchte mat jeeweils 145.- Euro an dem Verloscht vun 2 Punkten um Fürerschäin verwarnt. 12 Mol war eng feelend oder net konform technesch Ausrüstung (Schell, Beliichtung, Reflekteren, asw.) d'Ursach vu Verwarnunge vun duerchschnëttlech 74.- Euro. 8 Mol goufe Vëlofuerer wéinst verbuedenem Benotze vum Telefon iwwer dem Fieren mat jeeweils 145.- Euro an dem Verloscht vun 2 Punkten um Fürerschäin verwarnt. 4 Mol war d'Net-Respektéiere vun engem Stoppschëld, der Prioritéit vu Foussgänger um Foussgängersträifen respektiv d'Net-Respektéieren vun engem allgemenge Fuerverbuete Ursach vun enger Verwarnung vun 145.- Euro an dem Verloscht vun 2 Punkten um Fürerschäin.

Lëtzebuerg, den 25. Mee 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX